REÇU
Par Magda Santos , 15:54, 19/02/2021



CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 87 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ons Fraktioun eng **Heure d'actualité zu onkonventionelle Klimaschutzmoossnamen am Kontext vun der aktueller Klima-Kris** ufroen.

Laut dem Intergovernmental Pannel on Climate Change (IPCC) kann een d'Ziler vum Paräisser Ofkommes, zu deenen sech och Lëtzebuerg bekannt huet, ganz warscheinlech net eleng mat CO2 Aspuerungen erreechen. Och wann mir wëlle klimaneutral ginn, ginn et puer Emissiounsquellen zum Beispill an der Landwirtschaft oder am Loftverkéier di een sou schnell net (bzw. guer net) reduzéiere kann. D'Planze vu Beem oder aneren natierleche Senke wäerten dobäi net eleng duergoe fir de néidege CO2 aus der Atmosphär ze banne fir esou Netto-Null- bzw. Netto-Negativ-Emissiounen ze erreechen. Dofir brauch et niewent konventionelle Klimaschutzmoossnamen, di natierlech prioritär sinn, och méi onkonventionell Moossname fir CO2 aus der Atmosphär ze bannen.

Dësen Usaz vun der Entnahm vu CO2 aus der Atmosphär muss an Zukunft an der klimapolitescher Debatt zu Lëtzebuerg eng Roll spillen an et däerf een dës Fakten net weider ignoréieren. Dofir géif ech gären dëse Sujet am Kader vun engem Débat uschwätzen

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéierten